

# Vum Enid Blyton bis bei de Brecht



© Archiv Renée Wagener

## D'Carrière vun engem Bicherwuerm

Et wor en donkelbloe Pakpabeier, mat deem d'Bicher agebonne woren, fir datt näischt sollt dru kommen. Dorop wor schéi propper eng wäiss Etikett gepecht, wou op der Hand den Titel vum Buch geschriwwe stoung. An all déi Bicher am selwechte Blo stoungen a groe metallene Schief an engem klenge Raum iwwert dem Turnsall vun der Schoul, deen nëmmen zu bestëmmten Zäiten op wor: d'Schoulbibliothék. Do souz dann e Schoulmeeschter oder eng Léierin, déi sech ëm d'Bicher gekëmmert huet.

Ouni d'Bild um Deckel ze gesinn, konnt een natierlech schwéier soen, ob d'Buch engem géif zousoen. Ee Buch nom aneren hunn ech also missen erausfëschen, opschloen an duerchbliederden, fir ze gesinn, ob et derwäert wier, matgeholl ze ginn. Natierlech, et gouf "valeurs sûres", wéi d'Enid Blyton, mee där haten se der net vill. Bei anere woust ech schonn, wann ech den Numm vum Auteur gesinn hunn, datt et net a Fro kéim. Karl May zum Beispill: Do hat ech eng kéier dra gekuckt, well dee jo awer d'Winnetous-Geschichte geschriwwen hat. Mee déi Bicher woren net faarweg an op-

regend wéi d'Filmer mam Pierre Brice, déi mir an de Kino kucke gaang sinn, dat woren déck Schmökereken, heinsdo suguer nach an aler Schrëft gedréckt. Näischt fir mech!

### Streng Spillregelen

Wann een da säi Choix gemaach hat a Bicher wollt ausléinen, dann huet d'Léierpersoun an enger Kartei mat Kartongs-Fichë gewullt. All Kand, dat Bicher ausgeléint huet, hat esou eng Fiche. Op där sinn d'Bicher opgeschriwwe ginn, déi ee matgeholl huet. Et gouf ëmmer eng maximal Zuel u Bicher, déi een huet dierfen ausléinen, an ëmmer e leschten Termin, op deem een se huet missten erëmbrengen.

Dat mam Termin wor fir mech kee Problem, awer déi limitéiert Zuel vun de Bicher, dat wor méi blöd. Ech hu meeschtens schonn um Wee fir heem ugefaang, déi éischt Säiten ze liesen. Doheem ukomm, hunn ech mech um Canapé installéiert, an da gouf just nach gelies. Ech wor vun Ufank un eng Schnell-Lieserin, awer manner, well ech en As am Liese gewiescht wier, wéi aus

Virwëlz. Landschaftsbeschreibungen an aner méi laangotmeg Passagen hunn ech systematesch op der Säit gelooss, gezielt huet d'Spannung. Op déi Manéier wor ech meeschtens an e puer Stonnen mat engem Buch fäerdeg, an dat nächst ass un d'Rei komm. An der Primärschoul hunn ech esou vill däitsch Bicher gelies, datt mer a mengem Kapp d'Wierder op eemol op Däitsch koumen.

Mat deem Tempo hat ech meng ausgeléinte Bicher natierlech ëmmer längst fäerdeg, ier d'Schoulbibliothék erëm opgemaach huet. An a kierzester Zäit hat ech déi Bicher duerch, déi ech mengem Alter no zegutt hat. Et huet een nämlech nëmmen dierften déi Bicher léinen, fir déi ee scho grouss genuch wor. Do huet een da ganz fréi scho misse Verhandlungsgeschéck entwéckelen: d'"Hanni und Nanni"-Serie wor nach relativ einfach ze kréien, mee "Fünf Freunde" a "Schwarze Sieben", dat wor anscheinend nach näischt fir mäin zaart Gemitt.

Meng Elteren dogéint hu mech gewäerde gelooss. Mir haten ausser de Bicher, déi

mer fir d'Kommioun krut hunn, an e puer Tintinën net vill Rars u Kannerbicher. A wann si all déi Bicher hätte misste kafen, déi ech do am Schnelldurchgang konsuméiert hunn, wieren se aarm ginn dobäi. Déi Zäit, wou ech gelies hunn, wor ech och roueg. Ech hunn d'Welt ronderëm mech vergiess. Ech hunn alt héckstens d'Neel gebass, well d'Buch dermoosse spannend wor, oder gekickelt iwwert witzeg Dialoger.

Mat deem Geschéck wor ech also schnell duerch de Bicherstock vun der Schoulbibliothék, an et wor nëmme gutt, datt mer matzen an der Primärschoulszäit vun engem Quartier an deen anere geplënnert sinn, fir datt ech an där neier Schoul rëm neit Fudder krut. Meng Mamm huet mer aus der Gemengebibliothék och ëmmer mol rëm Bicher matbruecht, wann si der fir se meng léine gaang ass. An heinsdo huet ech meng souguer mat gelies.

Iergendwann wor ech selwer grouss genuch fir an d'Gemengebibliothék. Déi wor deemols, ugangs de Siwwenzegerjoren, op der Theaterplaz, do wou haut d'Crèche ass. Fir eng Strutz wéi mech wor dat eng impressionant Saach, wann ech déi puer Trape vun der Entrée vum ale Gebäi hantert mer hat, an d'Fliggeldir zur Bibliothék opgemaach hunn. Et wor e langgezunnene, breede Gank, laanscht deen sech op zwou Säite Bicherregaler gereit hunn. An um Schluss vun deem laange Gank stoungen d'Kannerbicher. Awer do virdrun gouf et nach eng Hürd ze huelen. Grad virum Kanner-Rayon wor nämlech e Pult, an hantert dem Pult soutz eng Damm mat enger heesser Stëmm, dat wor d'Bibliothekar. Déi hunn ech ëmmer e bësse gefaart. Awer réischt wann ech bei hir meng al Bicher ofginn hat, hunn ech endlech kënne bei d'Regaler mat där Hällewull vu Kanner- a Jugendbicher.

## Fënnf Frang d'Buch

An dëser Bibliothék huet alles vill méi faarweg ausgesinn, well d'Bicher woren an engem duerchsichtige Plastiksaband. Am Ufank huet et mer geschéngt, wéi wann et der onendlech vill wieren. Och an der Gemengebibliothék huet een awer nëmme dräi Bicher dierfe mathuelen, a virun allem, et huet ee misste bezuelen, fënnf Frang d'Buch.

Niewt deene kënnege Saachen hunn ech hei och nei Autorinnen an Autoren entdeckt. Spannend Geschichten iwwer Päerd, Kazen an Hënn, Kannerkrimien, awer och Exemplairen vu "Was ist Was" an aner Sachbicher. Mee och an der Gemengebibliothék goufen et Saachen, fir déi ech nach net grouss genuch wor: Déi Kéier goug et ëm d'Leift.

Ah, déi wonnerbar Serien, wéi "Beate" vun der skandinavescher Autorin Berthe Bratt, wou jonk Fraen an afrikaneschen Urwaldstatiounen wëll Déiere gepflegt an sech dobäi an de Vëhdokter verléift hunn! Oder déi um Matterhorn eng Pensioun gefouert hunn an sech dobäi an de Bergführer... Oder déi puer "Suzanne Barden"-Bänn vun der Helen Dore Boylston, wou et ëm eng daper Krankeschwëster goug, déi sech an en Dokter...

Iergendwann hunn ech awer och hei gemierkt, datt ech aus deene véier-fënnf Bicherregaler dat Interessantst rausgepléckt hätt. Gutt datt een iergendwann endlech och bei d'Erwuessebicher huet dierfen. Dunn hunn ech mol fir d'éischt ugefaang, mech mat der Opstellung vun de Bicher ze beschäftegen. Iwerall un de Regaler hougten nämlech Schëlter mat Themen a komeschen Zifferen, déi wéi Telefonnummern ausgesinn hunn. Mat 940 ass alles ugaang, wat mat europäescher Geschichte ze dinn hat, 830 wor fir däitsch Literatur. An op de Bicher woren déi selwecht Nummeren mat Etiketten opgepecht. Vill méi spéit hunn ech réischt verstan, datt dat keng Erfindung vun der Bibliothék wor, mee en internationale Klassifikatiounssystem fir Bicher, den Dewey.

Enges Daags bloufen op der Theaterplaz d'Diren zou, d'Bibliothék ass an de Centre Hamilius geplënnert. Do wor et méi hell a méi frëndlech, an et hat ee beim Bliederen eng Vue op d'Bus-Gare. A virun allem gouf et méi Plaz fir d'Bicher.

Hei hunn ech eng Saach entdeckt, déi mer virdu kaum opgefall wor: d'däitsch Lyrik. Dat wor wuel déi éischte Kéier, datt ech wierklech mat Genoss méi gescheit Saachen gelies hunn: Marie Luise Kaschnitz, Bert Brecht, Mascha Kaléko, Günther Eich, Erich Fried, Sarah Kirsch, an, an, an... Wéi wa mer eng Späicherlicht opgaang wier, hunn ech dann déi "seriö" Literatur entdeckt. An der Schoul hat ech mech fir Sproochen decidéiert, a mir si vun eise Proffen ugehale ginn, ze liesen. De Problem mat der maximaler Zuel vu Bicher, déi een huet dierfte léinen, gouf et awer ëmmer nach. Mee iergendwann krut ech deen och geléist. Entretemps wor nämlech d'Thomas-Mann-Bibliothék opgaangen, sou datt ech eemol d'Woch net nëmme an de Centre Aldringen, mee vun do duerch de Park an dat neit Gebei vun der Croix-Rouge gepilgert sinn, wou d'Goethe-Institut sech mat senger Bibliothék niddergelooss hat. Niewt Auteurë wéi Hesse, Frisch oder Dürrenmatt, déi mer och an der Schoul gelies hunn, hunn ech do och Leit aus der DDR fonnt, wéi d'Christa Wolf zum Beispill, oder d'Irmtraud Morgner.

E puer Joer drop ass dann nach eng aner Dir an d'Bicherwelt fir mech opgaang:

d'Nationalbibliothék. Mäi Papp wor en äifrege Lieser do, hie koum meeschtens heem mat Beschreibungen iwwer Autosmechanik oder Medezin, heinsdo wor mol eppes iwwer Lëtzebuurger Geschichte drënner. Awer fir an déi Bibliothék huet ee misse groussjäreg sinn. Knapps wor ech 18 Joer al, koum ech an de Besëtz vun enger grénger "Carte de Lecteur". Déi hunn ech nach haut, mat grouse Buchstawe steet do mäin Numm dra geschriwwen, a meng Professioun: "Étudiante".

D'Nationalbibliothék, dat wor eppes wéi eng Bicherkathedral fir mech. Alles huet Ehrwürdegkeet ausgestrahlt: Marmorbiedem, héich Plafongen, an der-tëscht ee Bicherregal um aneren mat décke Katalogen a Fachbicher. Et wor och feierlech roueg wéi an der Kierch, besonnesch an de Liessäll, wou meeschtens eeler Häre mat Brëller soutzen, Bicher ze studéieren. Einfach Romaner oder Krimien wéi an der Gemengebibliothék sinn et der hei kaum ginn, Bicher speziell fir Jonker scho guer net. An déi Bicher, déi ee wierklech interesséiert hunn, wore verstoppt, et huet ee misse Kartongsfichen mat dräimol deene selwechten Donnéen ausfüllen, fir se ze bestellen. Dovu krut een dann herno ee Fillek erofgerappt fir ze halen, een ass an der Kartei versuergt ginn, an ee koum als "Témoin" op dem Buch seng Plaz stoen. Wéi et fir d'éischt Fiche mat Duerchschlagpabeier gi sinn, wor dat eng kleng Revolutioun.

Mee dat wor vill méi spéit, do wor meng Bibliothéiks-Carrière schonn eriwuer, zumindest déi als Bicherwuerm. Ouni et ze mieren, wor ech de Bibliothéiken ontrei ginn. Ech hat de Kino entdeckt, an dat richtegt Liewen hat jo och eppes ze bidden. Wéi ech bis mäin éischt Geld verdéngt hunn, hunn ech mer et fir d'éischt gelescht, meng eege Bicher ze kafen. An da gouf et nach e Konkurrent, deen de Bicherwuerm ëmmer méi vun der Literatur ewechbruecht huet: d'Sachbuch. Wann ech mer d'Zäit geholl hunn, fir Bicher léinen ze goen, da wor et bal just nach fir berufflech oder Studienzwecker: Fachbicher, Artikelen an al Zeitungen hunn et misse sinn.

De Wee an d'Gemengebibliothék hunn ech ëmmer manner oft fonnt. Awer d'Loscht um Liesen, déi kënnt nach heinsdo erëm. Wat gëtt et méi Schéines, wéi sech duerch e spannende Roman ze liesen, eng Stonn, zwou Stonnen, dräi, bis engem d'Ae bal zoufalen. A laang no Mëtternuecht eréischt déi lescht Säit ëmzedréinen, mat Nostalgie, well d'Geschicht schonn eriwuer ass. Mee fannt mer emol sou e Buch. An och nach d'Zäit ze liese fir derbäi.

Renée Wagener